

## 2. Newsletter – Dezember 2020

### Virwuert

An dëser Newsletter kritt der weider Informatiounen an Detailer zur Umeldung, dem Acompte a virun allem dem Ëmgang mat der Covid Situatioun. **Et ass net geduecht dës Newsletter un d'Avex oder un d'Eltere weider ze leeden.** Dëst kéint zu Konfusiounen féieren, wëll hei och vill reng "intern" Informatiounen dra stinn.

### Umeldung an 1. Acompte

D'Umeldung fir de Camp leeft iwwer d'Truppen, dat heescht dass all Trupp sech (Avex a Chef) muss zesummen umellen. De Responsabele pro Trupp mellet seng Trupp un iwwer [terraviva.lgs.lu/aschreiwung](https://terraviva.lgs.lu/aschreiwung). Heifir brauch ee säin LGS Login.

Den Délais fir d'Umeldung ass den 31. Januar 2021.

Duerno krit dir eng Rechnung fir den 1. Accompte ze bezuelen. Dësen beleeft sech op 50€ pro Avex a Chef an ass apriori net remboursabel (méi Info iwwer eng eventuell Ofso vum Camp am nächsten Abschnitt). De Präis vum Camp beleeft sech op 225€ pro Avex an 150€ fir Chef a Staff.

### TERRAVIVA a Covid-19

D'Organisatioun vum Camp am Kader vun der Corona Pandemie ass am Moment leider ganz ongewëss. Wéi d'Situatioun am Summer 2021 wäert si kënne mer net virausgesinn.

Onst iewescht Zil ass et iech esou vill wéi méiglech iwwer all Iwwerleeungen an d'Bild ze setzen. Hei ass ons Strategie wéi mir se zur Zäit virgesinn :

- Mir plange mam Zil fir am Juli 2021 nees een onvergieslechen nationalen Avex-Camp ofzehalen.
- Mir wëllen dass ALL Avex kann um Camp deel huelen.
- Mir sinn ons der Situatioun bewusst a setzen alles a Bewegung fir dass mer de Camp kënne ofhalen.

- Mir si bereet esou gudd et geet ons Infrastrukturen an onse Programm ze adaptéieren dass am Respekt vun alle Mesuren de Camp ka lafen.

Mir müssen de Camp leider ofsoe wann duerch d'Covid-Restriktiounen :

- d'Zuel vu Participanten drastesch muss limitéiert ginn.
- d'Haaptziler vum Camp (Newsletter 1) net kënnen ëmgesat ginn.
- de sozialen Austausch ënnert den Avex a Chef ze vill muss limitéiert ginn.

Mir wëllen éierlech a realistesch bleiwen an huelen ons fir bis **spéitstens Ufank Abrëll** eng definitiv Decisioun ze huelen op de Camp kann duerchgezu ginn oder op mer e müssen ofsoen.

## Am Fall vun enger Ofso vum TERRAVIVA

Wa mir de Camp Corona bedéngt müssen ofsoen (Decisioun Ufank Abrëll) garantéiere mir iech de bezuelten Acompte integral zeréck ze bezuelen.

## Plang B

Dem Topstaff vum TERRAVIVA, esou wéi dem ganze Verband, läit virun allem um Häerz dass d'Avex am Summer, no esou villen haarde Méint nees kënne mat de Scouten e flotte Camp verbréngen. Wann 2021 keen nationale Camp däerf statt fanne wäert et awer sécherlech méiglech sinn, ewéi 2020 och, a méi kleng Gruppen e Camp ofzehalen.

Mir froen iech dofir trotz dem geplangten nationalen Avex-Camp ee Plang B am Hannerkapp ze behalen. Soll et enger Trupp net méiglech si selwer ee Camp ze organiséieren, wëll se zum Beispill kee Chef mat TC hunn, denkt un aner Alternativen, ewéi ee Camp zesumme mat enger aner Trupp oder am eegenen Grupp.

An all Fall steet d'Avex-Ekipp iech natierlech zur Säit an dir kënnt iech roueg bei hinne melle wann Hëllef fir een alternative Summercamp gebraucht gëtt. [avex@lgs.lu](mailto:avex@lgs.lu)

Denkt och drun reegelméisseg op [lgs.lu/covid](https://lgs.lu/covid) eran ze kucken. Hei ginn déi aktuell Mesuren a Richtlinne fir d'LGS affichéiert a regelméisseg à jour gesat.



Lëtzebuenger  
Guiden a Scouten  
Branche Avex



*Den Topstaff wënscht iech an äer Familien  
schéi Feierdeeg an ee gudden Ufank vum neie Joer.*



### Sozial Medien



terraviva.lu



info@terraviva.lu

Bescht Guiden- a Scoutsgréiss  
Fir den Topstaff  
Romain



E grouse Merci un eis Sponsoren

